



Groupe parlementaire

Dépôt: Fred Keup

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023

HA - Placements d'enfants



MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- a breeden Deeler vun der Bevëlkerung den Androck besteet, datt d'Kannerheemer hei am Land net op eng transparent Aart a Weis kontrolléiert ginn an datt et doduerch onkloer ass, ob d'Kanner do sécher an optimal versuergt sinn an ob dës Aarrichtungen de rechtlechen Standarden a beschte Praktiken entsprechen;

ass sech bewosst, datt

- eng ugemosse Kontroll an oppe Kommunikatioun noutwenneg sinn, fir ze assuréieren, datt eventuell Mësstänn an de Kannerheemer erkannt a behewe kënnen ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- en externen Audit zum Thema Kannerheemer unzefroen, dee sech mat Aspekter wéi Qualitéit vum Ënnerdaach, Ernierung, medezinesch Versuergung, psychosozial Ënnerstëtzung, Erfëllung vun individuelle Bedierfnesser vun de Kanner, Matwierkung vun de Kanner bei der Gestaltung vun de Kannerheemer beschäftegt;
- eng objektiv Laangzäitstudie duerchféieren ze loossen, déi sech mat der Fro, wéi Mënschen, déi a Kannerheemer opgewuess sinn bzw. en Deel vun hirer Kandheet/Jugend do verbruecht hunn, an hirem spéidere Liewen (Ausbildung, Beruff, Stot...) zurechtkomm sinn, a mat der laangfristeger Effikassitéit vun de Strukture vun de Kannerheemer beschäftegt;
- iwwer d'Opportunitéit vun enger permanenter externer an onofhängeger Kontrollinstanz vun de Kannerheemer ze beroden.

Fred Keup